Lëtzebuergesch als Friemsprooch
Ieweschten Diplom (C1)

Schrëftlechen Ausdrock

Oflaf

Dir hutt am Ganzen 180 Minutten Zäit (2,5 Stonnen). Dat ass fir déi zwee Deeler.

Zwee Deeler
1 Compte-Rendu schreiwen.
1 Bréif schreiwen.

1. Deel: Compte-Rendu

Dir lauschtert en Extrait vum Radio a schreift e Compte-Rendu doriwwer.

Dir lauschtert d'Ecoute eng éischt Kéier, dann hutt Dir 2 Minutte Paus, fir Är Notten ze completéieren, an da lauschtert Dir den Text fir d'zweet. Duerno fänkt Dir mam Schreiwe vum Resumé un.

Weider Informatiounen:
Uweisunge fir Är Ausféierung:
- Benotzt eng passend Glidderung mat enger Aleedung, engem Haaptdeel an enger Conclusioun.
- Benotzt passend Riedmëttel fir Ären Text z'organiséieren a fléissend ze gestalten.
- Sot wéi den Toun vum Spriecher ass.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen.(keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)
Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir w.e.g. alles zesummen of.

2. Deel: e Bréif un eng Administratioun oder Privatpersoun, oder e Lieserbréif un eng Zeitung

Dir dréckt Är Meenung zu engem bestëmmten Thema aus.

Dir gitt an de Kontext vun Ärem Thema gesat an da sollt Dir dozou e Bréif schreiwen. Dir kritt och Dokumenter fir Iech iwwert dat Thema z'informéieren. (z.B. eng Broschür) Dës Dokumenter sinn do, fir Iech z'inspiréieren an ze hëllefen Iech zu bestëmmten Themen auszedrécken an argumentéieren ze kënnen. Dir sollt op kee Fall Textpassagen oder Sazdeeler ofschreiwen.

Weider Informatiounen:

Uweisunge fir Är Ausféierung:

- Benotzt eng passend Glidderung fir de Bréif.
- Schreift den Text am Stil/ a Form vun engem Bréif.
- An der Consigne steet wéi eng Meenung Dir zu deem bestëmmten Thema vertriede sollt a wéi Ären Toun si soll. Benotzt dofir dee passende Vocabulaire, fir dëst ze verdäitlechen.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen.(keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)
Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir w.e.g. alles zesummen of.

Lëtzebuergesch als Friemsprooch
Ieweschten Diplom (C1)

Liesverstoen

Oflaf

Dir hutt 30 Minutten Zäit.

Een Deel
1 Liestext mat Lücken, 1 getrennt Äntwertblat.

Dir liest den Text an drot déi passend Wierder an d'Lücken an. Passt dobäi op, datt de Sazbau nach stëmmt. D.h. wann een de Saz liest mat deem Wuert, wat Dir ausgewielt hutt, da muss de Sazbau stëmmen. Wann dat net de Fall ass, da kritt Dir kee Punkt fir dat Wuert.

Är definitiv Äntwert drot Dir um Äntwertblat an.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen.(keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)
Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir w.e.g. alles zesummen of.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen.(keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)
Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir w.e.g. alles zesummen of.

Lëtzebuergesch als Friemsprooch
Ieweschten Diplom (C1)

Mëndlechen Ausdrock + Héierverstoen

Oflaf

Dir hutt 15 Minutten Zäit fir d'Preparatioun vum Thema fir den **1.Deel**.

De ganzen Examen dauert +- 45 Minutten.

1. Deel: M.1 **10 Min.**
E Gespréich iwwert e selwer gewieltent Thema

Dir presentéiert d'Thema kuerz (maximal 5 Minutten) an da féiert Dir e Gespréich mat de Préiwer iwwert datselwecht Thema.

2. Deel: M.2 **10 Min.**
Héierverständnes: Verstoe vun engem authenteschen Toundokument.
Dir lauschtert eng Ecoute (1Mol). Dir dierft Iech Notten huelen, musst awer net. Duerno sollt Dir den Text mëndlech resuméieren.

3. Deel: M.3 **10 Min.**
E Gespréich iwwert datselwecht Thema
Dir kritt e Blat mat Fotoen a Stéchwierder. Elo kënnt Dir mat de Préiwer allgemeng iwwert dat Thema schwätzen. Aner Aspekter iwwert dat Thema ginn diskutéiert.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen.(keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)
Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir w.e.g. alles zesummen of.